Denis Scuto

D'Lëscht vun de jüdesche Schoulkanner (September 1940)

Letzebuerger Staat hëlleft dem Gauleiter Simon bei der Judeverfolgung

Fänke mer un mat engem Märchen. Et wor eemol… Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich:

"Zweiundzwanzig Jahre nach Ende des Ersten Weltkriegs wird Luxemburg am 10. Mai 1940 erneut von den Deutschen besetzt. Dem Großherzogtum sollte damit eine der schwersten Prüfungen seit seiner Gründung bevorstehen. Da Großherzogin Charlotte und die Luxemburger Regierung ihre Lehren aus der Vergangenheit gezogen hatten, gingen sie ins Exil und ließen sich in London und Kanada nieder. Dies war eine richtige Entscheidung, da Luxemburg durch das Engagement an der Seite der Alliierten nach dem Krieg auf seine volle internationale Anerkennung zählen konnte.
Zunächst aber bedeutete die deutsche Besetzung das Ende der luxemburgischen Unabhängigkeit. Im Juli-August 1940 wurde Luxemburg unmittelbar deutscher Verwaltung unterstellt. Der Gauleiter des Gaus Koblenz-Trier Gustav Simon wurde zum Chef der Zivilverwaltung ernannt. Von Anfang an zielten die von ihm getroffenen Maßnahmen auf die De-facto-Annexion Luxemburgs an das Reich sowie die Germanisierung der Bevölkerung ab. Sämtliche luxemburgischen Staatsstrukturen wurden abgeschafft. Die Verwendung des Französischen wurde verboten. Mit großem Propagandaaufwand wurde versucht, die Luxemburger für das Naziregime zu gewinnen.
Doch stießen die Bestrebungen der Besatzungsmacht auf wachsende Feindseligkeit. Bei einer Volkszählung antwortete die Mehrheit 1941 auf die drei entscheidenden Fragen nach Staatsangehörigkeit, Volkszugehörigkeit und Muttersprache mit „luxemburgisch". Dieses Ergebnis war Ausdruck des Widerstands der Bevölkerung gegen die Assimilationsbestrebungen der Besatzungsmacht."[1]

Dat as déi offiziell Geschicht vu Lëtzebuerg um Ufank vum Zweete Weltkrich, wéi jidfereen se kann op www.gouvernement.lu noliese, erausginn vum *Service Information et Presse* vun der Lëtzebuerger Regierung. Et as d'Legend vun der "Resistenz vum Lëtzebuerger Vollek géint den Nazi-Okkupant", wéi en CSV-Deputéierten et an der Chamber nach kierzlech, den 31. Januar 2013, ausgedréckt huet.

Zënter dem Enn vum Zweete Weltkrich kréie mer déi selwescht Geschicht erzielt, déi de jonken Historiker Vincent Artuso gutt resuméiert huet:

"La Seconde Guerre mondiale occupe une place particulière dans l'épopée nationale luxembourgeoise. La résistance contre l'occupant y est l'équivalent des guerres de libération sur lesquelles la plupart des Etats souverains basent leur légitimité. Le mythe fondateur s'appuie sur les points suivants: Le gouvernement ainsi que la Grande-Duchesse quittèrent le pays au matin de l'invasion pour se soustraire à l'emprise allemande; ils firent cause commune avec les Alliés, d'emblée, fermement, et jusqu'à la fin de la guerre. Tandis que l'exécutif était à l'étranger, toutes les

[1] *Apropos… Geschichte des Großherzogtums Luxemburg*, hrsgg. vom Presse- und Informationsamt der Luxemburger Regierung, Februar 2008

institutions luxembourgeoises furent abolies et remplacées par une administration allemande dirigée par le tout-puissant Gauleiter Simon. Privé de ses chefs naturels, le peuple se dressa contre l'occupant, parachevant le processus de formation d'une nation luxembourgeoise."[2]

D'historesch Fuerschung huet dee Mythos widderluecht – an zum Deel schonns zënter Jorzingten. Déi éischt wëssenschaftlech Aarbechten an de 70er Joren, e. a. vu Paul Dostert, Emile Krier, Claude Wey, Lucien Blau, hu gewisen, dass d'aktiv Resistenzler, genee wéi d'aktiv Kollaborateuren, nëmmen eng Minoritéit woren, während d'Majoritéit vun der Bevölkerung eng ofwoardend Haltung ageholl huet, déi sech eréischt geännert huet wéi kloer gin as, dass den Okkupant d'Lëtzebuerger Jongen an d'Wehrmacht wollt zwéngen.

Méi rezent Studien, e. a. vu Paul Cerf, Henri Wehenkel, Serge Hoffmann, Benoît Majerus a Vincent Artuso, hu weider Aspekter un d'Liicht bruecht. Vu dass d'Regierung an den Exil gaangen as ouni explizit Consignen ze gin, huet de Generalsekretär vun der Regierung, Albert Wehrer, eng Regierungskommissioun – Verwaltungskommissioun genannt – an d'Liewe geruff. D'Chamber huet dëser Kommissioun d'"pleins pouvoirs" votéiert an se als stellvertriedend Regierung agesat. Lëtzebuerger Institutiounen hun also zu Lëtzebuerg weider funktionéiert an dat nët nëmmen bis zur Nominéierung vum Gauleiter un d'Spëtzt vun enger däitscher Zivilverwaltung am Juli-August 1940. D'Verwaltungskommissioun huet och dono weider geschafft bis se den 23. Dezember 1940 vum Gauleiter ofgeschaft gouf.

Nom däitsch-franzéischen Armistice vum 22. Juni 1940 hun suwuel d'Verwaltungskommissioun wéi d'Chamber, iwert hire Präsident Emile Reuter, fir eng Kollaboratioun mam Reich optéiert, an hu versicht d'Grande-Duchesse ze iwerzeegen zeréckzekommen. D'Exilregierung an d'Grande-Duchesse hun hesitéiert an eréischt wéi de Gauleiter Simon als Chef vun der däitscher Zivilverwaltung zu Lëtzebuerg nominéiert gouf, hun se decidéiert op London ze goen an op der Säit vun den Alliéierten "fir d'Zukunft vum Land ze schaffen".

D'Verwaltungskommissioun huet bis zu hirer Opléisung am Dezember mam Nazi-Okkupant kollaboréiert. An och nach no hirer Ofschafung hu Lëtzebuerger Beamten z. B. an der *Abteilung IV A* weidergeschafft, déi en charge vun der *Spoliatioun vun de biens juifs* war.

Ee Beräich vun där Kollaboratioun woar d'Emsetzung vun den antisemitesche Gesetzer zu Lëtzebuerg. Besonnesch bei der Identifikatioun an der administrativer Erfaassung vun der jüdescher Bevölkerung huet d'Verwaltungskommissioun eng aktiv Roll gespillt.

Dës Roll gouf iwregens schonns vum Paul Dostert an senger Dokterthes iwer déi däitsch Besatzungspolitik erwähnt, déi 1985 – viru bal 30 Joer! – erauskoum: "Aus zwei Schreiben vom November 1940 spricht ein administrativer Ton der Zusammenarbeit, der den Eindruck erweckt, als ob die Verwaltungskommission

[2] Artuso Vincent, *La collaboration au Grand-Duché de Luxembourg durant la Seconde Guerre mondiale. Attentisme, coopération, assimilation*. Rapport de recherche sur la thèse de doctorat (Université Paris I Panthéon-Sorbonne / Université du Luxembourg, 2011), in: Hémecht, Revue d'histoire luxembourgeoise, 4/2011, p. 507

gewisse Fragen in Bezug auf die Juden nichtluxemburgischer Nationalität von sich aus aufgeworfen und dadurch den Mechanismus der Erfassung erst in Gang gesetzt hätte. Die dann von ihr geforderten Handlangerdienste am Schreibtisch wurden akribisch genau geleistet."[3] De Paul Dostert schreift weider, dass dat schlëmm Konsequenzen hat.

Et as immens verwonnerlech, dass de Paul Dostert, virun allem an sénger Funktioun als Direkter vum 2002 gegrënnten *Centre de documentation et de recherche sur la Résistance* oder als ee vun de Memberen vun der *Commission spéciale pour l'étude des spoliations des biens juifs pendant les années de guerre 1940-1945* dës Fro ni méi öffentlech thematiséiert huet.

De Paul Dostert bezitt sech am zitéierte Passage vun senger Dokterarbecht op eng Lëscht vu bal 500 polnesche Juden, déi d'Verwaltungskommissioun, opgrond vun eegene Recherchen an den Dossierë vun der Friemepolizei, zesummegestallt huet an dem Chef vun der Zivilverwaltung iwerreecht huet.

Mee mat der selweschter Akribie as am September 1940 d'Lëscht vu sämtleche jüdesche Primärschoulkanner – mat oder ouni Lëtzebuerger Nationalitéit – aus dem Joer 1939/1940 zesummegestallt gin, mat Nimm, Gebuertsdatum, Gebuertsuert an Adresse.

Wéi as et méiglech, dass dës Kollaboratioun an der grousser Öffentlechkeet eréischt zënter engem oppene Bréif vum Historiker Serge Hoffmann un de Jean-Claude Juncker am *tageblatt* vum 19. September 2012 bekannt gin as? Erënnere mer hei drun, dass de Serge Hoffmann de Premier an deem Bréif freet, ob Lëtzebuerg net wéi d'Belsch sech misst entschëllegen fir d'Bedeelegung vu Lëtzebuerger Autoritéiten un der Judeverfolgung. De Ben Fayot huet doropshin eng Question parlementaire gestallt, wou en och drop hiweist dass d'Recommandatiounen vum Bericht iwer d'*Spoliation des biens juifs* vun 2008 nach net emgesat goufen.

D'Äntwert vum Premier as den 30. Januar, 3 Deeg nom Anniversaire vun der Befreiung vun Auschwitz, komm an huet mech wierklech schockéiert. Doranner behaapt de Premier, dass e gewëssene "flou" iwer d'Roll vun der Verwaltungskommissioun besteht an dass een eréischt no weideren historesche Recherche fundéiert Konklusiounen iwert eng aktiv Bedeelegung vun der Verwaltungskommissioun un der Deportatioun vun der jüdescher Bevölkerung kéint zéien.

Dass weider Recherchen néideg sinn, stëmmt effektiv. Mee net iwer d'Fro vun der aktiver Bedeelegung vun der Verwaltungskommissioun. Déi as zënter der erwähnter Publikatioun vum Paul Dostert vun 1985 beluecht. Recherchen sin néideg iwert den Ausmooss vun där Kollaboratioun, iwer d'Implikatioun vun aneren Institutiounen vum Lëtzebuerger Staat, vun séngen Eliten, vu sénge Funktionären an iwer d'Ursaachen an d'Motivatiounen vun där Kollaboratioun. An net zulescht iwer dat laangt öffentlech Schweigen iwer dës Kollaboratioun bei der Judeverfolgung.

[3] Dostert Paul, *Luxemburg zwischen Selbstbehauptung und Selbstaufgabe. Die deutsche Besatzungspolitik und die Volksdeutsche Bewegung, 1940-1945*, Luxemburg, 1985, S. 166-167

D'Lëscht vun de jüdesche Schoulkanner (September 1940)

De 5. September 1940 trieden eng Rei antisemitesch Veruerdnungen vum Chef vun der Zivilverwaltung a Kraaft, dorënner d' "Verordnung über Maßnahmen zur Beseitigung des jüdischen Einflusses auf das öffentliche Leben in Luxemburg". D'Lëtzebuerger Verwaltungskommissioun reagéiert direkt. An der Circulaire Nr. 3344 vum 6. September 1940 schreift de Conseiller de gouvernement fir d'Instruction publique a Member vun der Verwaltungskommissioun, Louis Simmer, un d'Districtscommissairen an un de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg. Hee bied se, d'Léierpersonal vun de Primärschoulen an de Spillschoulen opzefuerderen, direkt e "Verzeichnis der Kinder israelitischer Konfession, die am Schlusse des letzten Schuljahres in ihrer Schule eingeschrieben waren", mat folgenden Angaben: Numm, Virnumm, Geburtsuert, Gebuertsdatum vun de Kanner, Adresse vun der verantwortlecher Persoun. Déi Releveën sin iwer d'Gemengeverwaltungen un déi zoustänneg Inspekteren anzereechen.

D'Léierpersonal, d'Inspekteren an d'Gemengeverwaltung follechen an Enn September 1940 stin déi komplett Lëschten vun am Ganzen 280 Primärschoulkanner. Dir fannt se am Nationalarchiv ënnert folgender Cote: Archives nationales du Luxembourg (ANLux), Ministère de l'Instruction publique, Enseignement primaire (1817-1944), IP-1557: "Instituteurs et écoliers non-aryens".

Den 29. Oktober 1940 gët dann d'Verwaltungskommissioun, op Uerder vum Chef vun der Zivilverwaltung, e Schreiwen un all d'Schoulen aus dem Land eraus, an dem matgedeelt gët, dass jüdesch Kanner nët méi zum Unterrecht un öffentlechen a private Schoulen vun alle Schoulgattungen zougeloss sinn. De Louis Simmer leet den Direkteren an Districtscommissairen un d'Häerz, d'Fäll vu "Mischlingen" extra ze mellen.

Am November 1940 gëtt nach d'Lëscht vun de polnesche Juden nogereecht.

No méi wéi 70 Joër Schweigen, Vergiessen, Verdrängen, Vertuschen as et un der Zäit, déi éischt Lëscht ze veröffentlechen, déi vun den 280 Primärschoulkanner. Fir all déi fir déi d'Kollaboratioun tëscht Lëtzebuerger Administratiounen an der Nazi-Zivilverwaltung nach "flou" bleift.[4]

[4] Déi (onkomplett) Informatiounen iwer dat weidert Schicksal vun de Kanner stamen aus der nominativer Lëscht vun de méi wéi 4.000 Juden, déi den 10. Mee 1940 zu Lëtzebuerg gelieft hun, déi am Kader vu Fuerschungsarbechten vun de leschte Joren konnt rekonstruéiert gin, an déi ënner www.genami.org ze fannen as.

Betzdorf
Kahn Marcel

Consdorf
Mosheim Inge
Mosheim Uschi
Nussbaum Gustav

Dikkerech
Triest Margot

Déifferdeng
Bornstein Esther, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Cahen Roger
Eisen Manfred
Fenchel Malvy, de 14. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Finkelstein Rachel
Goldschmidt Ella
Goldschmidt Marlene
Kaufmann Rosel, de 26. August 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Lazard Renée
Levy Valentin
Neuberg Hans

Iechternach
Josef Johanna
Mayer Manfred

Ermsdorf
Levy Gunther, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert

Esch-Uelzecht
Brust Isidor
Cerf Paul
Finkelstein Isidor
Gelbart Moritz
Gelber Johanna
Gelber Rosa
Herstein Jakob
Kahn Andrea, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Kahn Gaston, den 11. Februar aus Frankräich op Auschwitz deportéiert
Kahn Julian, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Kahn Marcel, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Kahn Relly, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Landerer Helene
Levy Jakobine
Levy Karla
Levy Rolph
Liebermann Johanna

Markowitz Rachel
Moritz Alfred
Moritz Ernest
Musmann Rachel
Nussbaum Marcel
Nussbaum Sonja
Prezerowitz Fritz
Prezerowitz Maisy
Raiss Heinrich
Simon Walter
Sirotta Camille
Steinberg Heinrich
Wajs Albert
Wolf Gitty
Wolff Ernest
Wolff Ferdinand

Ettelbréck
Cahen Claude
Cahen Raymund
Gorge Karl
Ossowski Heinrich, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Ossowski Jeanette, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Ossowski Marcel, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Wiotelka Dora
Wolff Arlette

Grousbous
Cahen Alice

Gréiwemacher
Marx Fernande

Hesper
Leib Andreas
Leib Josette
Loewenstein Leo

Stad Lëtzebuerg
Abraham Peter
Barth Hans
Bojm Maria
Bornstein Marcel, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Brahm Leo
Bryks Armand
Bryks Selma
Bugajski Isaak, den 13.4.1944 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Cahen Margot
Cerf Franz
Dantziger Arthur

De Jong Norbert
Deichmann Marion
Deresiewicz Edith
Deresiewicz Marcel
Deutscher Rachel, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Dikler Leon
Dorf Salomon
Edelmann Friedel
Edelmann Saly
Edelmann Toni
Ellenzweig Max
Facher Ruth
Faktorowitsch Jacqueline, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Fastowsky Frieda
Felsen Johanna
Fischmann Gisela, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Fleischer Walter
Friedmann Ida
Froeschel Gerhard
Galler Mariette
Gelbart Helene, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Gelbart Max, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Glazer Henriette
Godin Henri
Godin Norbert
Goldberg Anna, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Goldberg Aristid
Goldberg Cella, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Goldberg Frida, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Goldberg Isaac, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Goldberg Maria, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Goldstein Franz
Goldstein Helene, den 28. Juli 1942 vu Cinqfontaines op Theresienstadt deportéiert
Golubszyk Helene
Gordon Jonny
Gorge Johanna
Gottlieb Benoit
Gottlieb Erich
Gottlieb Gusty
Gruenblatt Lily
Grynbaum Benno
Günther Betty
Gutenberg Erna, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Gutenberg Fanny, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Gutenberg Heini, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Gutenberg Regina, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Haber Felix, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Haber Jakob, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Hayum Denise

Hecht Walter
Heilbronn Susi
Hengen Carmen
Hertz Edith
Hertz Eva
Hertz René
Herz Claude
Heumann Günther
Hirsch Arnold, den 15. Mee 1944 vun Drancy op Kaunas/Reval deportéiert
Hirsch Leo, den 12. Juli 1942 op Auschwitz deportéiert
Hirsch Max
Hirschbaum Bernhard
Hirschhorn Heinrich
Horowitz Herbert
Israël Florence
Israël Renee
Jacks Heintz
Jakubowicz Gertrude
Jankielewicz Germaine
Jankielewicz Margot
Joseph Marga
Kahn Blanche, den 18. August 1942 aus der Belsch op Auschwitz deportéiert
Kahn Clemy, den 18. August 1942 aus der Belsch op Auschwitz deportéiert
Kahn Edith
Kahn Eliane
Kahn Julienne, den 28. Juli 1942 vu Cinqfontaines op Theresienstadt deportéiert
Kahn Rosemarie
Katz Heinrich
Katz Hermann
Katz Josef
Klein Otto
Klein Sonia, de 7. März 1944 aus Frankräich op Auschwitz deportéiert
Kochen Manfred
Korn Isaac
Korn Rosa
Kornreich Paula
Krogulec Alfred
Krogulec Josef
Kuhn Lucia
Landerer Paula
Lazar Arny
Lazar Carlo
Lebenberg Ida
Leib Armand
Leib Lily
Levy Andrea
Levy Joh. Franz
Levy Marcel, den 23. Abrëll 1942 op Izbica deportéiert
Levy Marcel
Levy Rene

Levy Theo
Lewin Rosa
Lieblich Monika
Lieblich Roger
Lion Elfriede
Lipka Adolf, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Loewenstein Claude
Loewenstein Edith, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Marx Margot
Marx Roland, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Mayer Liselotte
Michel Karl
Mogelnitzki Rosa
Moncznick Israël
Nabel Nathan, de 7. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Nath Eduard, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Nath Moritz, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Nathan André
Nathan Benoît
Nathan Leo
Nitka Rosa, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Noa Dieter
Obermann Horst
Oppenheimer René, de 17. Juni 1943 op Theresienstadt an den 11. Oktober 1944 op Auschwitz deportéiert
Pajecki Willi
Rauner Gertrud
Rauner Wolfgang
Reinheimer Rolf
Reininger Friedrich
Rockach Richard
Rosental Esther, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Rosenthal Leo, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Rosenthal Maria, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Rosenthal Samuel, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Rozenson Isabella
Rozenson Marcel
Rudow René, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Rudow Theo, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Rutmann Heinrich
Salomon Alex
Salomon Kurt
Salomon Marcel
Salomon Monika
Salomon Solange
Schaefer Johanna
Schaefer Leo
Schaefer Mathilde
Schmulewitz Albert
Schnog Hanna

Schwartz Beate
Schwartz Gertrud
Schwartz Josefine
Silberstein Adolf, den 23. Abrëll 1942 op Izbica deportéiert
Silberstein Elsa, de 6. Abrëll 1943 vu Cinqfontaines op Theresienstadt deportéiert
Sliwoski Moritz, de 14. August 1942 aus Frankräich op Auschwitz deportéiert
Sliwoski Regina, de 14. August 1942 aus Frankräich op Auschwitz deportéiert
Sochaczewski Eva
Sochaczewski Simon
Solodowski Margot
Spira Nathan
Stiglitz Ruth, den 11. September 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Stolowicz Dora
Sucher Erika
Sucher Jos
Szajnholtz Sonia, de 6. November 1942 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Sztarkmann Abraham, den 23. Juni 1943 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Sztarkmann Bertha, den 23. Juni 1943 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Sztarkmann Moritz, den 23. Juni 1943 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Tenenbaum Paul
Türkfeld Josef
Vohs Ludwig
Wachsmann Ella
Wagmann Elsa
Wagmann Heinrich, den 20. Mee 1944 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Wagmann Heinrich, den 23. Juni 1943 vun Drancy op Auschwitz deportéiert
Wagmann Niny
Wagmann Sophie
Waynberg Maisy
Waynberg Sarah
Wajsenzon Adolf
Wajsenzon Bernard
Wajsenzon Helene
Wajsenzon Leo
Weinryb Dan
Weinryb Eli
Weinryb Guidi
Weintraub Georgette
Widawski Dina, den 19. Abrëll 1943 aus der Belsch op Auschwitz deportéiert
Wischinski Eliane, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Wischinski Norbert, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Wolf Jacqueline, den 31. Juli aus der Belsch op Auschwitz deportéiert
Wolf Judith, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Wolff Edith
Wolfthal Louis
Zacharius Roger
Zarzweski Esther

Mamer
Hermann Eric, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert

Miedernach
Herz Marcel, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert
Rosenfeld Jeanine
Herz Liliane, de 16. Oktober 1941 vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt deportéiert

Néngsen
Stern Lore
Stern Manfred

Suessem
Kahn Rosel

Walfer
Alexander Johann
Alexander Hannelore
Salomon Sonja, de 6. Abrëll 1943 vu Cinqfontaines op Theresienstadt deportéiert

Woltz
Abendstern Peter